LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

REÇU
Par Alff Christian , 09:51, 08/06/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 5 juin 2020

Réf. : 831xc635e

Concerne : Question parlementaire n° 2079 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et de la soussignée à la question parlementaire n° 2079 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Déplacements à l'étranger dans le cadre du confinement".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Madame la Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire à la question parlementaire n° 2079 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Déplacements à l'étranger dans le cadre du confinement".

D' Servicer vun der Direktioun vun der Santé goufen am Abrëll driwwer informéiert dass anscheinend eng Rei Leit nees aus dem Ausland zréck an d' Land komm wären, notamment fir d' Ouverture vum Bausecteur. Et huet sech heibäi awer em relativ onpräzis Informatiounen gehandelt, déi een éischter als Gerüchter bezeechnen kënnt, an déi besonnesch déi portugisesch Gemeinschaft betraff hunn. An deem Sënn war et och der Direktioun vun der Santé net méiglech deenen Rumeuren nozegoen a konkret Faiten festzestellen.

Et ass och net gewosst op dës Leit, wann si dann am Ausland woren, eventuell d' Land schonns kuerz virum Confinement verlooss hunn, an domat den Artikel 1 vum RGD vum 18 Mäerz net verletzt hunn. Anescht wéi verschidden EU Memberstaten huet Lëtzebuerg während dëser Pandemie seng Grenzen ni zougemaach .

Enn Abrëll war et effektiv esou dass d' Coronavirusepidemie sech iwwert ganz Europa verbreet hat, an dass een an deem Sënn keng "pays à risque" méi ausweisen konnt. Ech kann och bestätegen dass Portugal eent vun de Länner wor dat ganz aktiv an efficace géint d' Epidemie gekämpft huet, an dass domat de Risiko fir eng Infektioun opzerafen, sécher an deem Land net méi héich war wéi bei eis zu Lëtzebuerg.

Wéi schonns gesot, an dësem Kontext sinn dem Gesondheetsministère keng Leit mat Nimm bekannt. Eventuell Iwwerleeungen iwwert Chômage partiel oder Home-schooling an dësem Kontext bleiwen domat reng spekulativ.

Wat elo d'Situatioun vum Salarié am chômage partiel ubelaangt, do ass ze präziséieren, dass hien weiderhin net nëmmen à disposition vu sengem Employeur steet mee och vum Aarbechtsmaart an der Adem.

Falls de Salarié also vu sengem Employeur oder vun der Adem geruff gëtt an senger Obligatioun net nokënnt, kann dat zur Konsequenz hunn, dass hien saïn Recht op d'Indemnitéiten verléiert an am schlëmmste Fall, dass hien vu sengem Employeur licenciéiert gëtt wéinst enger faute grave.